N°5354
Reçue le 29.12.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro n° 5354 vum 7. Dezember 2021 vum honorabelen Deputéierte Jeff Engelen betreffend de Reamenagement vun der Place de la Constitution

Kann den Här Minister preziséieren, ob – am Kader vum geplangten Reamenagement vun der „Place de la Constitution" – d'Monument vun der „Gëlle Fra" baulech revaloriséiert a besser protegéiert wäert ginn? Ass dru geduecht, och an der Suerg ëm d'Dignitéit vum Monument vun der „Gëlle Fra", fir an Zukunft méi selektiv bei deene Manifestatiounen an Evenementer ze sinn, déi op der Place de la Constitution kënnen organisiert ginn?

Am Kader vum geplangte Reamenagement vun der „Place de la Constitution" ass virgesinn d'Monument duerch eng nei Gestaltung vun der Plaz an évidence ze setzen fir seng wichteg symbolesch Funktioun ze ënnersträichen.

Aktuell bestinn keng Iwwerleeungen iwwert eventuell baulech Protektiounsmoossnamen.

All Ufro fir Manifestatiounen oder Evenementer op der Place de la Constitution ginn grondsätzlech am Virfeld analyséiert, iert een Accord fir d'Plaz selwer vun der Stroossebauverwaltung an fir den Entourage vun der Gëlle Fra vun der Verwaltung fir ëffentlech Bauten ausgestallt gëtt.

Lëtzebuerg, den 29. Dezember 2021

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch